Nissen Sports sàrl-s / Life In Motion - Allgemeng Konditiounen

Allgemeng Regelen

Aus Sécherheetsgrënn muss de Client déi folgend Regele wëssen, verstoen an respektéieren wann Dir eis Dengschtlëschtungen oder Veloen benotzt:

1. Sidd virsiichteg a befollegt Haus- a Verkéiersregelen.
2. Huelt ëmmer een Handy, Borgeld an gëlteg Ausweispapéiren mat.
3. Nissen Sports sàrl-s stellt E-Bikes an Helmer fir all Participanten zu Verfügung. Dir kënnt och ären eegenen Helm matbrengen wann Dir wëllt.
4. Nissen Sports sàrl-s ass net haftbar fir verluere Saachen vun den Participant'en. Den Organisateur ass och net haftbar fir Saachen déi vun anere Participant'en oder Drëtter beschiedegt ginn.
5. Bréngt ëmmer entspriechend Kleeder fir Vëlo ze fueren mat.
6. Benotzen vun Kopfhörer oder Handyen iwert dem Fueren ass verbueden.
7. Huelt keng onnéideg Risiken a fuert entspriechend ären techneschen Fäegkeeten.
8. Schneid keng oniwersiichtlech Kéiren. Et kann zu Géigeverkéier kommen oder sech verstoppten Hindernisser iech entgéint stellen.
9. Haalt Distanz zum Participant deen virun iech fiirt. Dëst ass geféierlech a kann en Accident verursaachen.
10. Passt op d'Instruktioune vum Guide a follegt him. Verloost de Grupp net ausser de Guide gëtt Iech Erlaabnis dozou.
11. Widderhuelen d'Handsignaler vum Guide wann Dir daat fir sécher haalt.
12. Waart laanscht d'Streck wann Dir net sécher sidd wéi Dir Iech behuelen sollt.

Sécherheet a Verantwortung

Haftung a Entschiedegung

De Client erkennt datt mam Vëlofueren Risiken verbonnen sin an ass averstanen Verantwortung fir seng Sécherheet an d'Sécherheet vun aneren ze huelen.

All gebucht Touren ginn op eegenen Risiko duerchgefouert. Nissen Sports sàrl-s ass net haftbar fir Verloscht, Schued, Krankheet, Verletzung, Doud, Accident fir Drëttubidder, Verspéidung oder Onregelméissegkeet déi dir beim Notzen vun eisen Dengschtleeschtungen oder Ausrüstungen erleit, egal wéi d'Ursaach dovun ass, och am Fall vun engem Feeler oder Ennerlossung vun Nissen Sports sàrl-s, sengen Mataarbechter oder Vertrieder bei der Ausféierung vun den Arrangementer vum Tour oder an all aaner Handlung am Zesummenhang mat der Tour.

De Client hellt Nissen Sports sàrl-s, seng Mataarbechter an Vertrieder fraï vun Schued géint all Käschten am Zesummenhang mat Haftung, Verloscht, Verletzung, Schued, Strof, Geldstrof, Schuedenersaatzfuederung (inklusiv, awer net limitéiert op, Geldstrofen, zougesprachen Schuedenersaatz, Käschten an Zesummenhang mat Schuedreduzéirung) oder aner Fuerderunge vun iergendenger Aart, déi vun Drëttpersounen am Zesummenhang mat dësem Ofkommes erhuewen gin.

Ënner kengen Ëmstänn ass Nissen Sports sàrl-s haftbar fir indirekt Schied, Folgeschied oder speziell Schied, déi aus der Erbrengung oder Neterbrengung vun den Dengschtleeschtungen entstin.

Nissen Sports sàrl-s schléit Strecken vir baséiert op der Grondlag vun der allgemenger Sécherheet an dem Erliewnes fir d'Client'en, kann awer net garantéieren datt eng Streck fir all Client gëeegent ass. Et ass d'Verantwortung vum Client hir eegen Fäegkeeten a kierperlech Verfaassung anzeschätzen an ugemiessen Entscheedungen iwert d'Streckauswiel an d'Vëlosaktivitéiten ze treffen. Nissen Sports sàrl-s kann net fir Teschen- oder On-fäll haftbar gemaach gin, déi sech während der Erbrengung vun dësen Dengschteschtungen virkommen kënnen, außer am Fall vun Noléissegkeet vun Nissen Sports sàrl-s.

De Client dréit d'Beweislaascht fir sou Noléissegkeet ze beweisen.

Ausrüstungsfleeg a Verantwortung

D'Ausrüstung inklusiv d'Accessoiren gin vun Nissen Sports sàrl-s an einwandfraïen Gebrauchszoustand bereet gestallt.

Den Client muss d'Ausrüstung am deem selwechten gudden Zoustand zréck gin wéi en bereet gestallt gouf. De Client ass verpflicht d'Ausrüstung ordnungsméisseg ze benotzen De Client ass haftbar fir all Schued, Verloscht oder Déifstahl vun der Ausrüstung vum

Zäitpunkt vun der Iwergaab un bis zum Zaïtpunkt vun der Reckgaab. Trett esou e Fall während der Bereetstellungszaït an, wat net op normale Verschleis zerëck ze féieren ass, dréit de Client déi voll Verantwortung a muss direkt déi voll Käschte fir d'Reparatur an/oder d'Ausrüstung zum Maartpräis iwerhuelen. De Participant ass eleng verantwortlech fir all Schued oder Broch vun der bereet gestallten Ausrüstung. D'Käschte fir Reparatur oder Ersatz ginn vu Fall zu Fall festgeluegt, ofhängeg vun der Gravitéit an dem Liwwerant.

Buchungen an Annulatiounspolitik

All Gruppebuchungsufroe gett nom Agang vun der Bezuelung bestätegt. Wann Nissen Sports sàrl-s d'Bezuelung vum Client kritt, gëtt eng E-Mail generéiert fir d'Buchung ze bestätegen. De Client muss direkt Nissen Sports sàrl-s kontaktéieren wa d'Confirmatiouns-E-Mail net ukomm ass.

D'Präisser kennen ouni Préavis geännert gin. All online publizéiert Präisser enthaalen d'TVA.

No Agang vun der Buchungsufro, der Rechnung an dem vollen Bezuelen vun dëser, kann den Client no folgenden Kriteren ganz oder deelweis rembourséiert gin:

- (a) Manner wéi 48 Stonnen virum geplangten Tour = kee Remboursement
- (b) Manner wéi 72 Stonnen virum geplangten Tour = 50% Remboursement
- (c) Méi wéi 72 Stonnen virum geplangten Tour = 90% Remboursement
- (d) Nissen Sports sàrl-s rembourséiert 95% vum Tourpräis fir all Tour, déi wéinst schlechtem Wieder annuléiert gouf*.

* Dës Decisioun gëtt exklusiv vun Nissen Sports sàrl-s um Dag vun der geplangter Tour geholl an dem Client sou séier wéi méiglech kommunizéiert. De Client muss op d' „Reglementer bei schlechtem Wieder“ ze bezéien. Wann de Client d'Tour aus engem anere Grond annuléieren well, gëllen d'Konditiounen enner (a) - (c).

Reglementer bei schlechtem Wieder

Net all Elementer vun enger Tour kënnen am Viraus kontrolléiert gin, leider gehéiert hei och Reen a schlecht Wieder dozou.

Nissen Sports sàrl-s huet eng Regelung getraff fir sécherzestellen datt de Client dat Bescht aus engem verreenten Tour eraushuelen kann.

Um Dag vun der geplangter Tour trëfft Nissen Sports sàrl-s aleng d'Entscheedung, ob d'Wiederkonditioune fir den Tour gëeegent sinn. D'Entscheedung gëtt dem Client sou séier wéi méiglech matgedeelt. Nissen Sports sàrl-s geet folgendermoosen vir wann et ëm eng Tour op engem verreenten Dag geet:

1. Vëlofueren am Reen gëtt duerchgefouert, wann de Client averstanen ass (eng alternativ flaach Streck gëtt op engem verreenten, bedecktem oder kaalen Dag geplangt). Wann de Client net averstaan ass am Reen ze fueren, muss de Punkt 2 applizéiert ginn.
2. Nissen Sports sàrl-s verschiebt den Tour op en aneren, fir de Client gënschtegen Dag, je no der Disponibilitéit vun Nissen Sports sàrl-s. Nëmme wann de Client et net färdeg brengt d'Tour op en aneren Datum nei ze verleen, gett den Aschreiwungsbetrag vum dem Client vollstänneg rembourséiert.

Nissen Sports sàrl-s kontaktéiert de Client de Moien vum Tour iwwer Telefon, SMS oder E-Mail fir den Zäitplang an d'Aktivitéiten ze bestätegen.

De Client ass fräi fir Nissen Sports sàrl-s ze kontaktéieren wann hien heizou irgendwelech Bedenken huet.

Benotzung vu Foto- a Videobiller

De Client ass averstanen datt Nissen Sports sàrl-s Fotoen a Videoopname vun de Vëlostouren fir Marketingzwecker benotzt.

Client'en ënner 18 Joer

D'Client'en mussen op d'mannst 18 Joer al sin fir un engem geplangten Tour deelzehuelen. Client'en ënner 18 Joer si wëllkomm fir bei engem gebuchten Tour matzemaachen, sie mussen awer vun engem Elterendeel begleet ginn. Nissen Sports sàrl-s ass frou Iech ze hëllefen den Datum an d'Destinatioun ze wielen déi de spezifesche Bedierfnesser vun „Kanner op Tour" entsprécht. Ausserdeem musse Kanner, déi mam E-Bike vun Nissen Sports sàrl-s fueren wëllen, op d'mannst 14 Joer al sinn an op d'mannst 1,55 m grouss sinn.